

Eng Reform vum Gesetz iwwer d'Polizei

Interventioun vum CSV Deputéierten Ali Kaes

Här Präsident, Dir Dammen an Hären

1999 ass d'Reform vum Gesetz iwwer d'Polizei gestëmmt ginn. Et wor och gläichzäiteg den Zesummeschloss vu Polizei a Gendarmerie. E Gesetz, dat sech sécher op ville Punkte bewäert huet. D'Erfaungen an och d'Veännerunge vun an an eiser Gesellschaft bedéngen haut, dass eng Rei vu Punkten neorientéiert an domatter adaptéiert solle ginn. Dowéinst ass am Regierungsprogramm och eng Ännerung vun den bestehenden Dispositiounen festgehale ginn. An deem Sënn ass de Moment am Inneministère ee Groupe de Travail amgaangen des Reform virzebereeden.

Dir Dammen an Dir Hären, **firwat eng Reform?**

Et soll ëmmer nees d'Zill sinn, dofir ze suergen, dass eise Staat op modern, leeschtungs-fäeg, effizient an och zukunftsorientéiert Déngschtleeschtungsservicer zréckgräife kann. Et geet drëm, dass eis Servicer ëmmer nees de neien Ufuerderungen vun der Zäit a vun der Gesellschaft gerecht kënne ginn.

Dat gëllt besonnesch fir d'Police, eng vun de **wichtigsten Institutiounen**, déi responsabel ass fir d'Sécherheet vun eis alleguer. Eng net ëmmer einfach Aufgab, déi all eenzelne Polizistin a Polizist no beeschem Wëssen a Kënnen mat vill Asaz erleedegt. An dat Dag fir Dag.

Den A an den O vun enger Reform, déi reusséiere soll, ass d'Gespréich mateneen, ass den Austausch mat de Leit um Terrain. Fir zesummen ze kucken, wat gutt leeft, respektiv wat net gutt leeft, wou si d'Schwaachpunkte sinn, déi onbedéngt am Sënn vu méi Effizienz a korrekter Aarbecht ze verbessere sinn.

Wat sinn dann déi konkret Problemer um Terrain? Wat fir eng Besoins gesinn d'Leit? Wéi steet et ëm den Effektiv an d'Rekrutéierung? Wéi funktionnéiert déi aktuell „Police de proximité“? Muss et hei eng Reorganisatioun ginn?

Wéi steet et generell ëm d'Ausbildung vun eiser Polizei, déi mat ëmmer méi komplexen Aufgabe konfrontéiert ass? Sie brauch sécher eng zolidd a gutt Ausbildung fir effizient, schnell a fachgerecht z'intervenieren. Do kann en sech froen, ob a wéi d'Aus- an d'Weiderbildung optiméiert ka ginn.

Wéi soll **eis Police Judiciaire**, déi eng Schlüsselroll am Kampf géint organiséiert Schwéier – a Wirtschaftskriminalitéit huet, an Zukunft opgestallt

sinn? Hei geet et ëm d'Valoriséierung a puncto Effektiver an natierlech och ëm déi néideg Qualifikatioun fir och grenziwwerschreidend matzehalen.

Dës an aner Froen stellen sech fir eis, wa mir iwwer d'Reform vun der Polizei schwätzen!

Et ass **ze begréissen**, datt de Minister, déi verschidde Polizeieunitéite besicht huet, fir sech mat de Problemer a de Situatioune um Terrain ze familiariséieren. Et geet näischt iwwert eng Bestandsopnam um Terrain selwer. Parallel zu dese Visiten huet de Minister eng fundéiert **Analys ugefrot** iwwer d'Missioun vu der Police, d'Gestioun vum Personal, déi aktuell geographesch Verdeelung an déi verschidden traitéiert Affären. Des Etude, déi am September 2010 ofgeschloss ginn ass, ass zesumme mat den entspreche Resultater an éischte méigleche Konklusiounen un déi verschidde Polizeisyndikater weidergeleet ginn. Den Dossier ass e.a. a 14 Sitzunge mat de Personalvertrieder diskutéiert evaluéiert ginn.

Net hanner zouen Diren

Au Vu vun dem wat ech elo grad gesot hunn, denken ech, dass et net korrekt ass dem Minister virzeweifen oder ze behaupten, hei géif d'Verwaltung eng Reform ouni Dialog an hannert zouen Dire plangen. De Minister wier iwwregens ganz schlecht beroden, wann en dat esou gemaach hätt respektiv géif maachen. Dat wier déi falsch Approche virun allem op Hibleck op die spéider Ëmsetzung vun der Reform. Ech denken, dass d'Gespréicher, déi gefouert gi sinn, eng wichteg Basis fir de weidere Verlaf vum Dossier wäerte sinn, well de Chantier vun der Reform ass jo bäi Wäitem nach net ofgeschloss. Et muss en awer och dem Minister eng gewisse politesch Marge de manoeuvre zougestoen.

Léiw Kolleginnen an Kollegen,

Et ass e Fait, datt mir **eng Kriminalitéit hunn, déi net geréng ass**, am Géigendeel, besonnesch wat liicht Delikter ewéi Abréch ugeet, wou d'Zuel esouguer steigend ass. Schwéier Strofdoten a Verbrieche bleiwen op demselweschten Niveau am Verglach mat de Joere vu virdrun.

Och wann d'Zuel vun den schwéier Verbrieche stabil an virun allem am Verglach mam Ausland relativ geréng ass, besteet trotzdem e gewëssenen Handlungsbedarf fir de Realitéiten um Terrain besser Rechnung ze droen.

E Phänomen, deem d'Opklärung vun enger Strofdot net méi einfach mécht, ass den grenziwwerschreitende Charakter vun enger ganzer Partie vun Strofdoten. Esou kënnt e groussen Deel vun den Abrieche iwwert d'Grenzen. Zu Lëtzebuerg gëtt geklaut an eng Stonn méi spéid sinn d'Verbrieche iwwer

d'Grenz verschwonnen. Dat ass just en Aspekt, wou en gesäit, dass net alles ideal ass an ideal ofleeft.

Munches huet sech geännert

Et geet hei net drëm fir d'Grondprinziper vun 1999 a Fro ze stelle – dat huet iwwregens och de Minister net wëlles, mä déi fundamental Verännerungen an eiser Gesellschaft, dat staarkt Uwuesse vun eiser Populatioun, an och nei Situatiounen vu Kriminalitéit mussen an d'Gesetzgebung an an der Praxis afléissen.

Donieft solle mir net vergiessen, datt mir amgaang sinn eis Gemengelandchaft nei ze zeechnen duerch e.a. d'Fusioun vun Gemengen. Eis Matbierger froe – an hunn och d'Recht – op eng biergerne Polizei. Sie verlaangen deelweis méi an eng verbessert Visibilitéit a wënschen sech e gudde Service um Bierger. Dat ass och een Aspekt den sech am Kader vun der Reform opdrängt an den beäntwert muss ginn.

Ofschléissend an zesammenfassend ass ervirzehiewen, datt een hei **net alles op d'Kopp geheie** soll. Hei soll mat gesondem Mënscheverstand an am Gespréich mat allen versicht ginn, punktuell déi Verbesserungen ze maachen, déi noutwenneg sinn fir eng méiglechst effizient an der heiteger Zäit ugepasste Police z'assurieren. Ech sinn iwwerzeegt, dass de Minister dat zustanne bréngen wäert.

Ech soen Iech merci.